Villercher am Wanter – Vullefudder selwer mann

Moie Kanner!

Fir de Villercher am Wanter ze hëllefen oder fir doheem déi kléng Plommendéiere vu méi no kënnen ze beobachten, de ka fir Villercher Fudder selwer mann. Dofir brauch een net vill Material. An dobäi kann ee Material dat ganzt Joer iwwer sammelen!

Mir brauche just Zäpp, am beschte Kieferzäpp, déi mir als éischt dreschen, esou dass eis Zäpp op ginn. Naturficelle, do eenegt sech Ficelle aus Brennnessele ganz gutt. Neutrale Kokosöl a Bioqualitéit an zu gudder Leescht Somen, Nëss a Käre. Somen, Nëss a Käre kann een entweder iwwert dat ganz Joer dobausse sammelen oder kafe goen. Vun NABU kann een och héichwäerteg Vullefuddermëschunge kafen.

Wann mir Material zesummen hunn, ass et ganz einfach fir Vullefudder hinzestellen. Als éischt erhëtze mir Kokosöl an engem Dëppen bis alles geschmolt ass an da scheede mir eis gesammelt oder gekaafte Fuddermëschung dran. Mir mann ee Knuet an eis Zäpp esou dass mir déi och duerno dobausse kënnen ophänken. Zum Schluss loosse mir eis Mëschung bëssen ofkillen a fëllen eis Zäpp domadder.

Elo kënne mir eis selwer gemaache Vullefudder fir eis Plommedéieren dobaussen ophänken.

Vill Spaass beim nomaachen!

Wann ee keng Zäpp huet kann ee och Fudder an Äppel oder Walnëss fëllen.